

März 1993

l. l.

D'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich.

Animateur : Héi ass Radio Diddeléng op 103,9

Mir bréngen an denen nächste Wochen eng Rei Sendungen iwert Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich.

Des Sendungen kommen all um Auer.

Mir erönneren esouwuel iwert geschichtlech Tatsachen op internationalem Plang wéi op nationalem Plang, an och besonnesch d'Auswirkungen d'ir Diddeléng a séng Awunner.

Héi am Studio ass den Här Jos. Weirich National Président vun der Zwangsrekrutéierten, an och Président vun der Diddelénger Sektion an den Här Jos. Benoit, Secrétaire vun der Amicale vun den enrôlés de force Sectioun Diddeléng.

Här Weirich, wa mir als Jugendlecher vun haut ons fir d'Geschicht vun onse Elteren, Grosselteren, Monien a Tataen interesséieren, schingt ét mir awer och genau esou wichteg, ze erfueren wéi et iwerhapt zu der Zwangsrekrutéierung respektif der Besetzung vu Lëtzebuerg duerch den deitschen Iwerfall kum?

Weirich : Et ass scho richteg a wichteg wann éen d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2.te Weltkrich kenne wéllt léieren, dass éen och d'Virgeschicht kënnt, respektif Vergleicher mat haut zée kann.

Besonnesch déi lëscht Iwerléitung schingt mir séer richteg, a mir als enrôlés de force hunn et émmer an och nach als Aufgab émfond ze warnen, dass dat wat éng Kéier geschitt war a wouerénnner mir hu musse leiden, éise Kanner a Kanneskanner erspuert bleiwt. Et dierf dach nüt de Féhler gemat ginn nüt aus der Vergangenheet géiéiert ze hunn.

Wa mir haut d'Zeitung opschloen, de Radio lauschteren, oder Televisioun kucken, da sinn Nimm wéi Juugoslavien, Serbien, Sarajewo, haut Jonck an Aal genau esou geléfeg, wéi de Marché Commun, Europa a' Paräis. Mir gesinn d' ~~Krieg~~ Greuelen an d'Leiden vun de Bevölkerung, d'Zerstéierung vun Heiser a Spidäler, d'Zaldoten déi verlezt gin a stierwe mussen, a mir mussen ons mat Bange froen, wat sin oder kënnen d'Folgen vun désen nüt ze léisenden Konflikter teschend Natiounen a Völker sin. Kënnen nüt och mir plötzlech an der Ausernanersätzongen mat era gezunn ginn, an onst friedlech an zefriddestellend Liewen plötzlech en Enn kritt. Genau wéi den 10.te Mee 1940.

A genau esou war et virun ronn 60 Joer.

Eng Ursach, ~~dass~~ Fixspoen, de Brand war ugefangen, huet schnell em sech geograff a gouf zum Weltbrand - dem 1.te Weltkrich.

Den 23.ten Juni 1914 : Zu Sarajevo (also an enger Stad déi haut erëm an aller Mond ass) gët dat eistreischet Krounprénzepuer vun engem serbeschen Anarchist ermuerd. Also déemols wéi haut e Serb a Serbien !

Eistreich an Ungarn waren déemols é Land an hun no engem Ultimatum vun 48 Stonnen, de Serben de Krich erklärt.

An et ass nüt bei der Begrenzung vun dësem Konflikt bliwen.

Russland hat e Pakt mat Serbien a rift schon 7 Dég nom Muerd vun dem Krounprénzepuer also den 30. Juni d'Generalmobilitatioun aus. Deitschland stéht op der Seit vun Eistreich, erklärt Russland de Krich a stellt Frankreich, een Verbündeten vun Russland een Ultimatum. Frankreich äntwert mat der Mobilisatioun.

Den 2ten August émmer 1914, iwerfällt a besetzt Deitschland Létzebuerg a stellt der Belsch een Ultimatum fir den Duerchmarsch.

Den 3ten August erklärt Deitschland Frankreich den Krich.

A wéll England och en Ofkommen mat Belgien huet erklärt och England de 4ten August Deitschland de Krich.

An dun opeanerfolgend vum 6. bis 12. August : Krichserklärung vun Eistreich-Ungarn u Russland - Serbien un Deitschland a Frankreich, England un Eistreich-Ungarn.

Esou huet dat wat um Balkan, respektif zu Sarajevo, ugefangen huet, no an no oder besser gesot a kirzester Zeit, op de ganzen Kontinent iwergegrafft an nodeem dat déi meeschten amerikanesch Staaten an dëse Konflikt agegrafft haben, den 1ten Weltkrieg ausgeléist.

- MUSEK - ?

Animateur :

Mä Här Benoit wéi huet dann Diddeléng 1914 ausgesinn? Wéi war déi deitsch Besatzung, huet och Diddeleng u Krichsfolgen gelidden?

Benoit: 1914 hat Diddeléng + 10.000 (à contrôler) Awunner. Op der Schmelz hunn 2.234 Aarbechter geschafft an dofunner 1.054 Auslänner. Meeschten Italiener awer och Deitscher.

Esoubal wéi déi preisesch Arméen a Létzebuerg agefall waren, gouf zu Diddeléng Schmelz zugesat. Eréscht Enn September ginn 4 vun déene 6 Hechiewen nés a Betrieb geholl an d'Sto'l an d'Walzwierk fängt ab Oktober nés u mat schaffen. Fir d'Situatioun ze dokumentéieren wéise déemols hei war zitéeren ech den Opruff déen den Här Mayrisch, Arbed Generaldirektor den 3ten August publizéiert huet :

Der Krieg

Mir Létzebuerger sollten ons also absolut neutral verhâlen, fir all Konflikter mat der Besatzungsmacht ze évitéieren, mä awer ~~noch~~ hei zu Diddeléng wo esou vill Auslänner geliewt hun, all méglech Streidereien ze verhënneren.

Mat dem Ausbroch vum Krich kumen och déi éscht verletzten Zaldoten an doerobber hinn huet d'Famill Mayrisch hir fréer Wunneng den heitegen Arbed Cassino als Lazarett agericht. Wéll mir jo absolutt neutral woll sin gouw och keen Ennerschéed tëschend den Nazionaliteiten vun de Verwondeten gemât: ob Deitscher, Franzousen oder Belscher oder anerer, sie gouwen héri geflegt. 60 Better waren am Cassino, 96 Better am Spido an eng Isoléerstatioun am Danzsall Thiel. Interessant ass och erfir zestreichen dass wéi d'Italiener hu missen zeréck an hir Héemecht goen fir an d'italienesch Arméen agezun ze ginn. (Italien war jo mëttl weil och matt am Krich) Alleng duerch d'Ofwanderen vun dëse Familien schon am Hierscht 1914 204 manner Kanner an den Diddelénger Primär-schoule waren. (Nokucken wivill Kanner sinn am ganzen and Schoul gange

Am Gegensatz zum 2te Weltkrieg huet d'Besatzung am lte Weltkrieg keen all ze grousse Afloss ob d'politesch Liewe geholl. Esou hat jo d' Groussherzogin Marie-Adelheid d'Land nüt verlooss an z.B. hun d'létzebuerger Gendarmen zesummen matt den preiseschen Gendarmen zu Diddeléng als Grenzstad Dingscht gemât.

Wât d' Bevölkerung déemols will méi grouss Suerge gemât huet war d' Ernährung. Esou ass an der Diddelénger Chronik vun den Hären Kouperich, Krantz a Conrardy ze liesen dass de Schéffen a Geméngerot weitsichteg a wirksam Decisiounen getraff hâten fir d' Versuergung vun den Diddelénger matt Liewensmëttelen ze garantéieren. Esou e Regelement vum 30ten März 1915 ~~wat~~ d' Ausfuhr aus Diddeléng vun wichtegen Liewensmëttelen verbidd wéi z.B. Wées, Kâr, Miehl a Gromperen. Den lten Abrëll gouwe Brotkaarte verdeelt. Pro Dâg krut een Erwuesenen 300 gr an ée Kand 400 gr.

Esouguer gouw den 24ten Abrëll d' Baken vu Stärzelen verbueden. Den llten Juni gouwen 5 Waggoen Zocker, an 2 Waggoen weiss Bounen, an 1 Waggo gréng Ierbessen vun der Gemengeverwaltung kâaft.

Awer och un déi leidend Bevölkerung aus de Frontgebieter gëtt geduerct an étt gëtt Gäld, Kléeder a Liewensmëttelen gesammelt genau wéi haut. Esou ass ze liesen dass zu Butchebuerg ann zu Biréng vun landwirtschaftlëche Vereiner Kléeder gesammelt gouwen fir déi schwéier gepreif an u Kéelt leidend belsch Populatioun. Och aus Diddeléng si scho vill Ballen a Këschten dohinnen geschéckt ginn.

Den 25. ten Dézember 1914 gëtt vum katoulëschen Jünglingsverein am Vereinshaus um Strutzbierg en Woultätegkeetskonzert organiséiert. Den Erlëss ass fir déi duerch de Krich ouni Héemecht Kanner. - Genau wéi haut. -

En "Dammeverein" gëtt gegrönnt mamm Ziel Nout an Armutt höllefen ze linderen. Och de Schmëlzaarbëchter geet et nüt gudd wât d' Ernährung betröfft, an wéns dem Manktum u Gromperen gi si an der gudder Saison statt op d' Schmélz op d' Land schaffen. An der "Roulage" ass d' Aarbecht besonnesch schwéier an wéns der schlechter Ernährung müssen esouguer 2 Aarbechter fir eng Aarbechtsplatz agesaat ginn. Och Zuel vun den Aarbechtslosen steigt a wéll nüt genuch Aarbecht op der Schmélz ass, d' Schmëlzaarbechter geholl fir d' Schleiss am schwaarze Wée ze bafen.

Aarbechtsloser an DAG genau wéi haut.

Vum Ufank 1916 un ass och matt Fliegergräffer ze rechnen. Déi éischt Bommen fâlen ob Diddeléng den 26ten Juni 1916 : 6 Bommen an d' Schmélz, 18 ronderëm. D' Schied si fir éis hauteg Begrëffer minim : Fénstere gi futti a klëng Lächer an de Buedem, némme liicht Verlëtzter awer keeng Dodëg. Den 27ten an 30ten Juli weidder Bommen. Eng Persoun schwéier, 3 liicht. Von 1916 bis 1918 gin am gesammten vun fransëschen Fliegergräffen 115 Bommen op Diddeléng geworf.

An der Nuddelsfabrik war éng Vollekskichen agericht - am Rossisbësch Flugabwehrscheinwerfer - Ob der Hardt stunge ée militäreschen Beobachtungsposten -

Wegen de Fliegergeföhren war ét verbueden Owens no ll Auer e Feier unzefänken, éng Lut brennen ze lossen oder mat brennende Karbidluten an de Stroosse ze goen.

Et ass nach münches iwert Diddeléng am lte Weltkrich ze erzielen an ech kommen an déene nächste Sendungen nach doerober zerëck.

Ufangs November 1918 geet de Krich sengem Enn entgéngt a wénz Kockmangel muss och d' Schmélz erëm déelweis ophâle matt schaffen.

Den 21ten November 1918 kritt Diddeléng Amerikanesch Aquartéierung. Op Tattebierg schloen d' Amerikaner en Zeltlager op a versuergen Diddelénger mat Liewensmëttelen, warm Molzechten, Schokola, Oubst, Tubak an Zigaretten.

D' Nokrichszeit huet dommadde och fir Diddeléng ugefangen.

Animateur : Merci Dir Hären fir haut den Owend. An der nächster
Emissiouen kucke mir wat d'S~~u~~iten vum lte Weltkrich
waren .

Der Krieg zwischen den Völkern,

die unsere Unabhängigkeit geschaffen, ist ausgebrochen, und Niemand kann das Maß von Elend und Unglück ermessen, welches er nach sich zieht.

Als Angehörige eines Landes dessen Existenz auf dem Willen und Wohlwollen der kriegsführenden Mächte beruht, ist es unsere heiligste Pflicht, von jeder politischen Stellungnahme abzusehen, und gegenüber allen die allerpeinlichste Neutralität zu wahren. Ich erwarte deshalb von allen Angehörigen des Werks, Beamten sowohl als Arbeitern, daß sie im Laufe der Dinge stets und unter allen Umständen sowohl innerhalb wie außerhalb des Dienstes, dieser Pflicht eingedenk sind, und alles vermeiden, was als Parteinaufnahme in einem oder dem anderen Sinn gedeutet werden könnte.

Der Generaldirektor,

MAYRISCH.